N°4002
Luxembourg, le 29.04.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.04.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/04/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.**

An der Äntwert op meng Fro n°3805 hat d'Ministesch informéiert, dass aktuell zwou Persounen am Centre pénitentiaire de Luxembourg (CPL) als Fleegefäll agestuuft sinn. Dës Weideren äntwert d'Ministesch, dass der Prisongsverwaltung kee Fall bekannt wier, wou eng Persoun eng Demande op eng elektronesch Iwwerwaachung (zum Beispill eng Foussfessel) gestallt hätt an dës refuséiert krut.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Demandë fir elektronesch Iwwerwaachung goufen an deene leschte 5 Jore gestallt a wéi vill dovunner goufe refuséiert oder ugeholl? Aus wéi enge Grënn goufen d'Demanden net ugeholl?
2. Wat sinn déi gesetzlech Konditiounen, déi eng Persoun erfëlle muss, fir en Antrag op eng elektronesch Iwwerwaachung ze stellen an accordéiert ze kréien?
3. Wat sinn déi medezinesch Konditiounen, déi eng Persoun erfëlle muss, fir en Antrag op eng elektronesch Iwwerwaachung ze stellen an accordéiert ze kréien? Wéi ginn extern medezinesch Expertisen, déi d'inaptitude à la détention zertifiéiere bewäert a wiem säi Constat ass hei ausschlaggebend an decisiv fir een Accord?
4. Ass et korrekt, datt finanziell Obligatiounen, wéi zum Beispill Geldstrofen oder Indemnitéiten un d'parties civiles, mussen ofgeschloss sinn, éiert een Antrag op elektronesch Iwwerwaachung berécksiichtegt gëtt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés